

Profil vum Professeur d'éducation physique et sportive

Wann ee Sportwëssenschafte studéiere wëll, huet ee vill Méiglechkeete säi Studium ze gestalten. Beispiller vu Schwéierpunkten a Beräicher sinn: Sportmanagement, Sportjournalismus, Sportpsychologie, Gesondheet, Preventioun & Therapie, Leeschtungssport, Fräizäitsport... **Et gëtt keen eenheetleche Sportstudium. All Land, all Uni, all Studiegang ass ënnerschiddlech.** Dofir versicht d'APEP (Association des Professeurs d'Education Physique) de potenzielle Kandidate Recommandatiounen ze ginn, déi engem de Choix a vläicht de Wee erliichten.

1. Wat ass e geeegent Sportstudium fir Sport an der Schoul ze ennerriichten?

E sportwëssenschafleche Studium soll souwuel aus Theorie, wéi och aus Praxis bestoen. Dëst ass vun Uni zu Uni a vu Land zu Land ënnerschiddlech a limitéiert sech net op een eenzegem Domän (Sportsoziologie, Sportnutritioun, Sportmedizin,...) oder Sportaart. **Wichtig fir duerno an der Schoul ze schaffen ass, dass ee Fachdidaktik a souville Sportaarte wéi méiglech gesäit.** E Sportmanagement Studium bereed een net op Schoulhale vir.

2. Wat sinn d'Ufuerderunge un e Sportsproff?

- Ee breetgefächert sportwëssenschaflecht Wëssen (Trainingsléier, Sportdidaktik a –methodik)
- Praktesch Kenntniser a ville Sportaarten (Et ass vu Virdeel wann ee selwer praktesch Erfarunge konnt sammelen a sech d'Grundkenntniser net nëmmen an der Theorie uneegent)
- Pedagogesch Affinitéit (Begeeschterung fir d'Ënnerriichten vu Kanner a Jugendlechen an deemenstspriechenden Interessi um Schüler, Schoul halen mat allem wat dozou gehéiert)
- "Gestion de classe" (leeden a féieren als Enseignant, Coach/Tuteur)
- Interpersonnell Kommunikatioun (Zesummeschaffen & Austauschbereetschaft an enger Equipe pédagogique an all de Memberen aus der Schoulcommunitéit)
- Virbildfunktoun a Verantwortung (Leidenschaft zu Sport a Bewegung hunn an vermëttele wëllen)

Des Ufuerderungen solle net ofschrecken, mee vill éischer zur Selbstreflexioun ureegen fir um Ausbildungswee déi richteg Choix'en ze treffen. Selbstverständlech wäert ee réicht am Laf vum Studium an an denen éischen Aarbeschtsjoeren eng Rei vun de genannte Kompetenzen entwécklen, wann een **Eegeninteressi a Léierbereetschaft** weist.

3. Wat sinn d'Ufuerderungen am Examen-concours fir Sportsproff ze ginn?

Fir kënne Proff am Enseignement secondaire ze ginn, muss een den **Examen-concours packen** a sech eventuell klasséieren. Ueschléissend un de bestanenen Examen-concours kënnt de **Stage pédagogique** deen aus enger fachdidaktescher a **pedagogescher Ausbildung vun 2 Joer** besteet. Méi detailléiert Informatiounen zum Examen-concours fënnt een ënnert dese Linken:

<https://govjobs.public.lu/fr/examen-concours/secteur-etatique/enseignement.html>

<https://men.public.lu/fr/systeme-educatif/secondaire/personnel-ecoles/recrutement-enseignant-fonctionnaire.html>